N°3138
Entrée le 02.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul, vun der Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3138 vum 30. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**1. Wat ass déi exakt technesch Ursaach fir d'Aschränkung vum Restopolis-Service op dem Campus Kierchbierg, déi d'Uni mat "circumstances beyond our control" beschriwwen huet?**

Restopolis ass eng staatlech Verwaltung, déi fir d'Bedreiwe vun de Kantinne vun eise Lycéeën an der Universitéit zoustänneg ass. Dëst geschitt an den Infrastrukturen, déi Restopolis vun den zoustännege staatleche Verwaltungen zur Verfügung gestallt kritt nodems de Programme de construction vum Occupant mat sengem Ministär de tutelle erstallt gouf.

De Service de restauration muss am Respekt vun den applikabelen autoriséierte Kapazitéiten bedriwwe ginn.

**2. Stëmmt et, datt d'aktuell Situatioun op eng zanter Jore bekannt Ënnerdimensiounéierung vun de Kicheninfrastrukture vis-à-vis vun der Zuel u Studenten zeréckzeféieren ass, a wa jo, firwat gouf dëse Problem net antizipéiert a behuewen?**

Effektiv ass d'Unzuel vun de Studenten, déi an der Universitéit iessen, an de leschte Jore staark geklommen.

Betreffend den Campus Kierchbierg, gouf d'Kapazitéit am Joer 2018 temporär op 158 Plazen erhéicht, fir d'Studente vum Lycée technique du Centre um Kierchbierg opzehuelen wärend där Zäit, wou hir Kantin renovéiert gouf. Et gouf keng permanent Extensioun geplangt. De Projet vum neie Campus Kierchbierg wäert eng laangfristeg Léisung fir dës Besoinen ubidden.

**3. Wéi gesäit de konkreten Zäitplang fir eng vollwäerteg Restauratioun vum Service um Campus Kierchbierg aus, a wéini kann erwaart ginn, datt nees all Student do Mëttegiessen iesse kann?**

A ce stade ass de Ministère fir Fuerschung an Héichschoul amgaang, mat der Universitéit, d'Besoine fir déi nächst fënnef Joer ze definéieren, op Basis vun deenen déi noutwendeg Aarbechte kënnen definéiert ginn an de Commodo vum Restaurant "Altius" aktualiséiert ka ginn.

En attendant dass eng definitif Léisung en Place ass liwwert Restopolis déi zousätzlech Molzechten vun anere Plazen aus, am Respekt vun den Norme vun der Liewensmëttelsécherheet.

**4. Wéini gouf d'Administration des bâtiments publics (ABP) iwwer de Problem vum Facility Management Department vun der Uni Lëtzebuerg informéiert, a wat sinn d'Ursaache fir déi eventuell Verspéidunge bei enger Léisung, wann se bei der ABP leien?**

An deem Kontext ass virop ze preziséieren, dass am Joer 2017 den deemolegen Héichschoulminister Restopolis offiziell beoptraagt huet fir d'Gestioun vum Universitéitsrestaurant um Campus Kierchbierg ze iwwerhuelen. D'Administration des bâtiments publics gouf den 20. Februar 2017

diesbezüglech vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend per Courrier forméiert. Am Dezember 2017 huet Restopolis eng éischt Kéier eng Demande bei ABP gemaach fir d'Kicheninfrastruktur unzepassen fir den Ufuerderungen un Iessen vun de Studenten gerecht ze ginn. Op dës Demande hin vu Restopolis goufen deemools vun ABP déi gefroten Adaptatiounen gemaach. Am Dezember 2024 huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte mat der Fro saiséiert, ob d'Produktiounsunitéit vum Restaurant "Altius" kéint renovéiert ginn, notamment fir och d'Kapazitéit vun der Produktioun ze erhéijen. Fir eventuell weider Investissementer op deem Site ze justifizéieren ass et awer indispensabel, dass de Ministère fir Fuerschung an Héichschoul, e konkrete Programm opstellt an d'Entwécklung an d'Besoine fir déi nächst fënnef Joer definéiert, op Basis vun deem déi noutwendeg Aarbechte kënnen definéiert an de Commodo vum Restaurant Altius aktualiséiert ka ginn.
Déi baulech an technesch Upassunge vum Restaurant Altius sinn duerno vun der Verwaltung fir ëffentlech Bauten duerchzeféieren.

**5. Wéini wäert d'Bezuelung mat elektronesche Moolzechteschäiner (Pl5uxee Kaart) an de Studentekantinen nees méiglech sinn?**

D'Bezuele mat elektronesche Molzechteschäiner ass an de Kantinne vu Restopolis net virgesinn.

Geméiss dem groussherzogleche Reglement vum 29. Dezember 1986, dat d'Ausféierung vum Artikel 115, Punkt 21, vum Gesetz iwwer d'Akommessteier reegelt, gëllt d'Steierbefreiung nëmme fir d'Molzechteschäiner vun Employeuren, déi keng Kantin zur Verfügung hunn.

Zousätzlech bezuelen d'Studenten an d'Mataarbechter vun der Universitéit an de Kantinne vu Restopolis ee vum Staat subventionéierte Präis. Aus dësem Grond gëllt Restopolis net als Restaurateur am Sënn vum Artikel 2 vum genannte groussherzogleche Reglement.

**6. Ass de Ministère iwwer d'Reklamatiounen iwwer eng degradéiert Qualitéit vun de Molzechten informéiert, a wéi gëtt dëse Problem verfollegt?**

Restopolis leien aktuell keng Reklamatiounen iwwert d'Qualitéit vun de Molzechten um Campus Kierchbierg vir. D'Universitéit huet och keng Reklamatiounen iwwer d'Qualitéit vum Iessen an der Kantin, krut, an deementspriechend ass och keng Informatioun un de Ministère fir Fuerschung an Héichschoul gaangen.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2025

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie OBERTIN